


Wäertvoll Ierfschaft
Précieux patrimoine



LEADER
Lëtzebuerg West



Regionalmagasinn - Magazine régional n°19



HIERSCHT
2018
AUTOMNE



Inhaltsver- zeechnes

Table des matières

Editorial	2-3
D’Kritären vum wëssenschaftlechen Inventaire zu Lëtzebuerg Les critères de l’inventaire scientifique au Luxembourg	4-5
Hannert all Numm eng Geschicht Chaque nom son histoire	6-7
Aus der Däischtert un d’Licht De l’obscurité vers la lumière	8-9
Déi eelst Brauerei vu Lëtzebuerg La plus vieille brasserie du Luxembourg	10-11
Vu Bauhär zu Bauhär Ee Schlass a säi Schicksal Un chantier peut en cacher un autre Le sort d’un château	12-13
Konschtgeschicht iwver Land Histoire de l’art, version campagnarde	14-15
Déi al Maueren hunn erëm d’Wuert Les vieux murs reprennent la parole	16-17
En Haff, eng Famill, eng Idyll Ferme, famille, idylle	18-19
Interview mam Grof vun Ansebuerg D’Liewen um Schlass Entretien avec le Comte d’Ansembourg Le feeling de la vie au château	20-23
LEADER Projeten Projets LEADER	24-25
Dëst an dat En bref	26-27
Agenda	28



facebook.com/leaderletzebuergwest.lu

Impressum

Editeur:

LAG Lëtzebuerg West
1, rue de l’Eglise
L-7481 Tuntange
T : +352 26 61 06 80
E : lw@leader.lu
W : www.letzebuergwest.lu

Redaktioun:

Marc Angel-Romera, Sarah Mathieu,
Nathalie Simon-Stammet, Christina Mayer

Fotoen:

Gaston-Gaëtan de Marchant et
d’Ansembourg, Isabelle Bernard, Archiv
Syndicat d’Initiative Steinfort, Jérôme
Konen, Henri Krier, Jos Bill, d’Georges
Kayser Altertumsfuerscher, Liz Hacken,
Service des sites et monuments nationaux,
Jeannot Weber, Ralph Arens, Lex Kleren,
Ney & Partners BXL S.A, Sarah Mathieu,
Famille Letsch-Frantz, David Laurent

Skizz:

Serge Weis

Layout:

Rose de Claire, design.

Drock:

Imprimerie Centrale

Oplo:

14.500 Stéck

Datum:

05. November 2018

Foto: Jös Bill
Text: Christina Mayer



Léif Lieser,

Am neie Regionalmagasinn dréint sech alles ëm d'Thema Patrimoine. Schliisslech ass de Weste vum Grand-Duché net just bekannt fir seng aussergewöhnlech flott Landschaften, mä och fir säi gebaute Patrimoine. Do ginn et nieft dem Äischdall mat senger siwe Schlässer nach vill méi, wat een entdecken kann.

Historesch Bauerenhäff, Wunnhaiser, Kierchen, Kapellen, Wäschburen, Lokalveräiner... an nach Villes méi gehéieren zum Patrimoine vun eiser Géigend a prägen si bis haut. En plus sinn all dës Objeten ee Stéck Geschicht, déi een och haut nach kann erliewen.

Zënter zwee Joer gëtt et de Service de l'Inventaire vum Service des sites et monuments nationaux, dee sech dréms bekëmmert, am ganze Land déi Gebaier, awer och Weekräizer an aner Objeten opzehuelen an ze dokumentéieren, déi wichteg Zeie fir eis Geschicht sinn. Aktuell beschäftegen sech d'Mataarbechterinne vum Service de l'Inventaire mat der neier Gemeng Helperknapp.

Verschiddener vun lech hate vläicht och alt Kontakt mat deenen Dammen, déi an de leschte Wochen duerch d'Dierfer getrëppelt sinn a Froe gestallt hunn iwwert al Haiser. Falls net, a falls Dir nach historesch Fotoen huet vu Stroossen, Plazen an Dierfer, kënnt Dir lech gäre melle beim Christina Mayer, T: 2478 6655, E: christina.mayer@ssmn.etat.lu.

Am nächste Fréijoer soll dann eng kleng Publikatioun fäerdeg gestallt sinn, déi och an der Gemeng Helperknapp wäert presentéiert a verdeelt ginn.

Vill Spaass beim liesen!

Dr. Christina Mayer
Responsable Service de l'Inventaire
Service des sites et monuments
nationaux

Chers lecteurs,

Le nouveau magazine régional est dédié au thème du patrimoine. En effet, la région de l'Ouest du Grand-Duché n'est pas connue uniquement pour ses magnifiques paysages, mais également pour son patrimoine construit. En dehors de la Vallée de l'Eisch avec ses sept châteaux, de nombreux trésors attendent d'être découverts.

Fermes historiques, maisons d'habitation, églises, chapelles, lavoirs et autres constructions font partie du patrimoine et marquent le caractère de notre région jusqu'à nos jours. De plus, ces objets sont des leçons d'histoire que l'on peut toujours vivre de près.

Cela fait deux ans que le Service de l'Inventaire s'est créé au sein du Service des sites et monuments nationaux. Il s'est donné pour objectif de répertorier et de documenter ces bâtiments, mais aussi les croix de chemin et autres témoins de notre histoire. Actuellement, les collaboratrices du Service de l'Inventaire se consacrent à la nouvelle commune Helperknapp.

Peut-être que l'un ou l'autre d'entre vous a eu contact avec ces dames qui ont récemment parcouru les villages et posé des questions concernant de vieilles maisons. Sinon, au cas où vous disposeriez de photos historiques, de rues, de places ou de villages, je vous serais très reconnaissante de me contacter au T: 2478 6655 ou par mail E: christina.mayer@ssmn.etat.lu.

Au printemps prochain, une publication à ce sujet sera présentée et distribuée dans la commune Helperknapp.

Bonne lecture !

Dr. Christina Mayer
Responsable Service de l'Inventaire
Service des sites et monuments
nationaux

Fotoen: Service des sites et monuments nationaux, Jos Bill
Text: Christina Mayer

D'Kritären vum wëssenschaftlechen Inventaire zu Lëtzebuerg

Les critères de l'inventaire scientifique au Luxembourg

Zënter 2016 besteet zu Lëtzebuerg de *Service de l'Inventaire*, deen sech mat der wëssenschaftlecher Dokumentatioun a Recherche vum gebaute Patrimoine beschäftigt an zum *Service des sites et monuments nationaux* gehéiert.

D'Aarbecht um wëssenschaftlechen Inventaire besteet aus verschidde Etappen. Niewent dem Ophuelen a Fotograféiere vun de Gebaier, Weekräizer a Monumenter sur place gehéiert dozou och eng Recherche, bei där d'Geschicht vun den Haiser an Uertschaften analyséiert gëtt. Och dat, wat d'Leit verzielen, wann een an d'Gespréich kënnt, ass dacks eng wäertvoll Hëllef, grad esou wéi historesch Fotoen oder Postkaarten.

Fir esou ee wëssenschaftlechen Inventaire opzestellen, goufen am SSMN virun iwwer 10 Joer Kritären ausgeschafft, no deenen d'Gebaier gekuckt a bewäert ginn.

Dee wichtegste Kritär eis heibäi **d'Authentizitéit**, wëll just authentesch erhale Bausubstanz fir de wëssenschaftlechen Inventaire a Fro kënnt. Objeten aus enger Epoch, déi

Le Service de l'Inventaire, opérationnel au Luxembourg depuis 2016, fait partie du Service des sites et monuments nationaux et se consacre à la documentation et à la recherche scientifiques du patrimoine bâti.

Le travail de l'inventaire scientifique se divise en plusieurs étapes. Répertoire et photographier les bâtiments, croix de chemin et monuments sur place en est une, une autre consiste dans une recherche analytique de l'histoire des maisons et des localités. Sans oublier que les témoignages des habitants peuvent être d'un grand support, tout comme les cartes postales ou autres photos historiques.

Afin de pouvoir dresser un inventaire, le SSMN élabora, il y a dix ans, des critères d'évaluation.

Parmi ces critères, le plus important est celui de **l'authenticité**, car seules les structures conservées de façon authentique sont prises en compte. Il importe en effet de privilégier les objets datant d'une certaine époque qui ont subi peu de changements par rapport à ceux qui ont été transformés et dont la substance originale s'est perdue.

Equipe vum Service de l'Inventaire (vun ënnen no uewen):
Dr. Christina Mayer, Responsable fir den Inventaire
Sara Gabrieli, Archivistin
Julia Jeblick, Inventoristin
Stéphanie Ansay, Inventoristin



Carte postale - Schoenfels par N. Liez
 Postkaart - Schëndels vum N. Liez
 © Photothèque de la Ville de Luxembourg

authentesch, also wé-
 ineg verännert erhalte
 sinn, si méi wichteg wéi
 Objeten déi méi dacks
 verännert gi sinn a wou
 manner Originalsubstanz
 erhalen ass. Ee weidere
 Kritär ass dee vun der
**Architektur- a konscht-
 historischer Relevanz**,
 dee Gebaier beschreiw,
 déi fir hir Epoch beispillhaft
 sinn an Héichpunkten oder
 Ausnahme representéieren.
 Ënnert de Kritär vum
Seelenheetswäert falen
 Objeten, vun deenen der
 entweder ni vill realiséiert
 goufen oder Objeten, déi am
 Laf vun der Zäit rar gi sinn
 – wéi zum Beispill déi kleng

Ateliersgebaier vum Schmadd oder vum Schräiner, déi fréier an all
 Uertschaft ze fanne waren. Als **Gattung** beschreiw ee verschidde
 Bauaufgaben, wéi zum Beispill ee Wunnhaus, eng Kierch, ee
 Bauerenhaff... vue dat vun all Gattung solle Beispiller erhalte bleiwen,
 fir dat och eis Kanner, an all déi déi no eis kommen, eise Patrimoine
 nach kënnen erliewen an esou hir Geschicht verstinn, ass och dat ee
 wichtegen Aspekt fir den Inventaire. A wann d'Gattung gekläert ass,
 gëtt nom **Bautypus** gekuckt, dat wier bei de Bauerenhaff beispills-
 weis den Haff an „L“ oder „U“-Form. Och wat **charakteristesch** (also
 typesch) fir d'Bauzäit ass, gëtt gekuckt an analyséiert. Ënnert de
 Kritär vun der **Technik- Industrie- an Handwierksgeschicht** falen
 all déi Gebaier, un deenen och haut nach den technesche Stand
 vun enger fréiere Zäit kann novollzu ginn, an ee **Lieu de Memoire**
 erënnert un eng historiesch Perséinlechkeet oder een Evenement,
 dat aus nationaler Siicht derwäert ass, sech drun z'erënnere.
D'Sozialgeschicht beschreiw als Kritär d'Liewen a Schaffe vun de
 Leit a fréierer Zäit an **d'Militärgeschicht** erënnert un d'militäresch
 Entwécklung. An da ginn et nach Objeten a Gebaier, déi vu berühmten
 Ingenieure geplangt oder vu bekannten Architekten gebaut goufen an
 dowéinst de Kritär vum **Architekten- an Ingenieurwierk** erfüllen.
 Och wat **uerts- an landschaftstypesch** ass, gëtt am wëssenschaft-
 lechen Inventaire gekuckt, grad esou ob Gebaier eng besonnesch
 Bedeitung fir **d'Uerts- an Heemechtsgeschicht** hunn. Dann
 zielen nach d'Kritäre vun der **Siidlungsgeschicht** an natierlech
 der **Entwécklungsgeschicht**, wou gekuckt gëtt, wéi sech eenzel
 Objeten am Laf vun der Zäit verännert an entwéckelt hunn.

Wann all dës Aspekter vum gebaute Patrimoine an enger Gemeng
 analyséiert goufen, stellen d'Mataarbechter vum Service de
 l'Inventaire eng kleng Publikatioun zesummen, déi dann och an
 der Gemeng wäert presentéiert an un déi interesséiert Leit ver-
 deelt ginn. **Och dat gehéiert nämlech zum wëssenschaftlechen
 Inventaire: d'Wëssen ëm eise Patrimoine weiderzeginn an ze
 deelen!**

Un autre critère consiste dans la **pertinence** en matière d'architecture
 et d'histoire de l'art. Il se réfère à des bâtiments représentatifs pour
 leur époque. Le critère **de valeur de rareté** s'applique à des objets qui
 ont été construits dans un nombre limité ou dont il ne subsiste que
 peu d'exemplaires – comme par exemple les petits ateliers de forgeron
 ou de menuisier, jadis présents dans toutes les localités.

Par **genre de bâtiment**, nous entendons la destination des objets
 respectifs – maison d'habitation, église, ferme etc. Sauvegarder des
 exemples de chaque type, afin que nos descendants soient en mesure
 d'appréhender notre patrimoine et comprendre l'histoire, c'est un
 autre aspect important de l'inventaire. Une fois le genre défini, il s'agit
 de considérer le **type de construction** – dans le cas d'une ferme, ce
 serait p. ex. une forme en « L » ou en « U » – ainsi que les éléments
 typiques de l'époque de construction.

Le critère de **l'histoire de la technique, de l'industrie ou de
 l'artisanat** vise tous les bâtiments qui témoignent du niveau
 technologique d'une certaine période.

Un **lieu de mémoire** est consacré à une personnalité ou un événement
 historique, ayant une valeur au niveau national. **L'histoire sociale** est
 un critère qui concerne la vie et le travail de nos ancêtres, alors que
l'histoire militaire est dédiée au développement militaire.

Ensuite, il existe des objets et bâtiments planifiés ou réalisés par des
 architectes et ingénieurs connus, qui incombent au critère de **l'œuvre
 architecturale et d'ingénierie**. De même, on analyse tout ce qui est
représentatif de la localité ou du paysage, respectivement ce qui a
 une **signification pour l'histoire locale et régionale**. Finalement, les
 critères relatifs au **développement de l'habitat et à l'évolution** se
 réfèrent à la transformation et au développement de certains objets au
 cours de l'histoire.

Dès que tous ces aspects du patrimoine d'une commune sont
 analysés, les collaborateurs du Service de l'Inventaire réalisent
 une publication qui sera présentée à la commune et distribuée aux
 personnes intéressées. **Transmettre et répartir le savoir sur notre
 patrimoine, encore un objectif de l'inventaire scientifique!**



Ale Wäschbur / Ancien lavoir Brouch



Hannert all Numm eng Geschicht

Mir sinn am Joer 1156, am Scriptorium vun der lechternacher Abtei. De Brudder Mathis kraazt sech d'Tonsur. Hie soll en Akt preparéieren, et geet ëm een Dierfchen, iergendwou déi aner Säit vu Miersch, wou hien nach ni de Bauch wéi hat. Keng grouss Affär, mee den Abt kritt dat duerno z'ënnerschreiw, an dee versteet kee Spaass. Dommerweis kritt hien den Numm vun deem Nascht op senger Virlag net entziffert.

«Wat huet deen Tréierer Brudder do eppes gekrozel!» iergert hie sech a rífft säin Noper erbäi, dee grad iwwert enger Kopie vum Codex bruckt a frou ass fir all Ofwiesslung.

«Hmm! 't fänkt u mat 'Schoen' oder sou...»

«Sou wäit war ech och schonn! Mee wat mengs de, ass dat an der Mëtt en D oder en F?»

Dës Zeen ass natierlech fräi erfionnt an alles anescht wéi historesch begrënnt. Mee d'Schreifweis vun deem besotenen Dierfche bei Miersch dierft queesch duerch d'Joerhonnerte fir méi wéi eng Diskussioun gesuergt hunn.

Chaque nom son histoire

Nous sommes en l'an 1156, au scriptorium de l'Abbaye d'Echternach. Le frère Mathis se gratte la tonsure. Il est chargé de préparer un acte concernant un hameau de l'autre côté de Mersch, où il n'a jamais mis les pieds. Rien de bien important, mais le document devra être signé par l'abbé, qui ne plaisante pas. Malheureusement, le pauvre frère Mathis n'arrive pas à déchiffrer le nom sur l'écrit qui lui sert de modèle.

«Qu'est-ce qu'il a bien pu griffonner là, le frère trévois?», grogne-t-il et demande conseil à son voisin qui, penché sur une copie du Codex, se réjouit d'une petite distraction.

«Hmm! Ça commence par 'Schoen', en tout cas...»

«Tu m'en diras tant! Mais au milieu, c'est un D ou un F, qu'en penses-tu?»

Bien entendu, cette scène est imaginée de toutes pièces et n'a rien d'historique. Quant à l'orthographe du fameux hameau près de Mersch, il aura sans aucun doute été le sujet de discussions tout au long des siècles.

Fotoen: Famille Letsch-Frantz
Text: Marc Angel-Romera

Sécherlech ass dee lëtzebuergeschen Numm «Schëndels» am Noosten un der Wuerzel. E bezitt sech op d'Wuert «Schëndel», Latäin «scindula», also déi kleng hëlze Placken, mat deene fréier d'Diecher gedeckt goufen. Aner Quelle weisen op de Beruff vum Schënner hin, also déi Leit, déi fir d'Besäitegen a Verwäerte vun doudegem Véih zoustänneg waren.

Dobäi ass déi offiziell däitsch Bezeichnung «Schönfels», déi jo zimlech aus der Loft gegräff schéngt, net eréischt vu gëschter, well eisem fiktive Brudder Mathis seng Zäitgenossen hu schonn 1150 ee *Schonevels* ernimmt, aus deem sechs Joer méi spët ee *Schindelzein* sollt ginn.

Ob d'Daachdeckerhandwierk, poetesch Inspiratioun oder en einfacht Mëssverständnes un dësem Duerchernee Schold sinn, ass ongewëss, mee eent ass sécher: d'Nimm vun eisen Uertschaften, awer och d'Flouer- an d'Hausnimm, kommen net vun ongeféier. Meeschens ginn hir Originne wäit an d'Geschicht zrëck a sinn dowéinst net ëmmer däitlech z'erkennen.

Dass Stengefort eppes mat engem Fort aus Steng ze dinn huet, dierft jidderengem an d'A sprangen, mee wie géif schonn dropkommen, dass dee klengen Uert Hoen (dt/fr: Hagen) an der Stengeforter Gemeng säin Numm engem Flouernumm verdankt, dee sengersäits aus dem spéide Mëttelalter staamt! Mat «Hag» ass ee Grondstéck gemengt, dat vun engem Schutzwall oder enger onduerchdrénglecher Heck ëmginn ass.

Familljennimm gouf et zu Lëtzebuerg bis Enn vum 17. Joerhonnert keng. Um Duerf huet jidderee sech mam Virnumm geruff, a fir Verwiesslungen ze verhënneren, gouf säi Beruff drugehaangen oder dat Haus, aus deem e koum – wat dacks datselwecht war. Déi Traditioun sollt sech deelweis bis an d'20. Joerhonnert halen an ass och haut nach net ganz verschwonnen.

Dee bekannten Tour-de-France-Gewënner Nic. Frantz zum Beispill koum aus bescheidene Verhältnissen. Seng Elteren haten zu Mamer e Bauerenhaff an hu sech niewebäi mat Wiewerei e puer Su verdéngt. Den Hausnumm war «a Wiewesch», deemno dierft déi 1899 gebuere Véloslegend an hirem Heemechtsduerf wuel gären «Wiewesch Néckel» geruff gi sinn.

Och wann een dat op den éischte Bléck net géif mengen: Uerts-, Flouer- an Hausnimm hunn all hir Geschichten z'erzielen, an et gétt sécherlech op deem Gebitt nach villes z'entdecken. Vlächtt eppes fir Leit, déi nach en Hobby siche fir déi laang Hierscht- a Wanterméint?...

Supposons que le nom luxembourgeois «Schëndels» se rapproche le plus de l'origine. Il proviendrait du mot «Schëndel», en latin «scindula», c'est-à-dire les petites plaques en bois, appelées bardeaux, dont on couvrait jadis les toits. D'autres sources se réfèrent au «Schënner» (équarisseur), métier qui consistait à évacuer et à exploiter les cadavres de bétail.

**Uerts-, Flouer- an Hausnimm
hunn all hir Geschichten
z'erzielen...**
**Les noms des villages, des
lieux-dits et des maisons ont
tous leur histoire à raconter...**

Ceci dit, la dénomination officielle allemande «Schönfels» (beau rocher), qui semble pourtant assez incongrue, ne date pas d'hier non plus, puisque les contemporains réels de notre fictif frère Mathis, mentionnèrent, en 1150, une localité du nom de *Schonevels*, qui, six ans plus tard, allait s'appeler *Schindelzein*.

Métier d'équarisseur, inspiration poétique ou simple malentendu, le coupable de ce charabia restera sans doute inconnu, mais une chose est certaine: les noms de nos localités, tout comme des lieux-dits ou des maisons ne sont pas le produit du hasard. Dans la plupart des cas, leurs origines remontent loin dans l'histoire, ce qui rend leur signification souvent difficile à comprendre.

Il est évident que le nom de Steinfort se rapporte au mot pierre (Stein). Il s'agit probablement d'un gué (Furt) de pierre dans l'Eisch. Mais qui s'eut douté que le village de Hagen, qui fait partie de la commune de Steinfort, doit son nom à un lieu-dit connu au Moyen-âge! Le mot «Hag» désigne un terrain entouré d'un rempart ou d'une haie infranchissable.

Jusqu'à la fin du XVII^e siècle, le Luxembourg ne connaissait pas de noms de famille. À la campagne, on s'appelait par son prénom, en ajoutant, afin d'éviter les confusions, le métier du désigné ou le nom de la maison qu'il habitait – ce qui revenait souvent au même. Cette tradition s'est conservée en partie jusqu'au début du XX^e siècle et n'a pas encore entièrement disparu jusqu'à nos jours.

Ainsi, le fameux vainqueur du Tour de France, Nic. Frantz, vient d'une famille bien modeste. Ses parents, qui possédaient une ferme à Mamer, arrondissaient leurs fins de mois en tissant (Wiewen). Par conséquent, leur maison portait le nom de «Wiewesch», et il est probable que dans son village, l'ass du vélo né en 1899 se faisait appeler «Wiewesch Néckel».

Anodins à première vue, les noms des villages, des lieux-dits et des maisons ont tous leur histoire à raconter et méritent que l'on s'y penche de plus près. Qui sait si l'un ou l'autre n'y trouvera pas son passe-temps pour les longues soirées d'automne et d'hiver?



A Wiewesch, maison natale de Nik. Frantz
Gebuertshaus vum Nik. Frantz

A Wiewesch - maison natale Nik Frantz rénovée
Renoviert Gebuertshaus vum Nik. Frantz



Aus der Däischtert un d'Liicht

All Seechen huet bekanntlech hire wouere Kär.

Wien de Wanderwee vu Schëndels aus laanscht d'Mamer a Richtung Miersch hëlt, kënnst bei **d'Mamerleeën, een eenzegearten Ensemble vun Hielechten, an deene sech dem Volleksmond no Wiichtelcher sollen ophalen.**

Un dëser Behauptung ass allerdéngs net alles richteg. Et handelt sech nämlech net ëm natierlech Hielechten, mee ëm ee wäit verspreent Netz vu Galerie knapps ënnert dem Buedem, déi vu Mënschenhand geschafte goufen.

Iwwert den Ursprung an den Zweck vun dësem imposanten ënner-ierdesche Wierk gouf a gëtt nach ëmmer vill spekuléiert. Ee vun deenen éischten, déi sech derfir interesséieren, ass de Louis-Charlemagne-Joseph Chevalier l'Évêque de la Basse Moûturie, ee franséischen Abenteurer, deen zwar weder adeleg, nach geeschtlech war, dofir awer als Pionéier vum Tourismus zu Lëtzebuerg därerf ugesi ginn. Op enger vu senger Reesen duerch d'Ländchen huet hien 1839 eng vun den Hielechten, déi haiteg **Huellee**, besicht. A sengem Buch «Itinéraire du Luxembourg germanique ou Voyage historique et pittoresque dans le Grand-Duché» fënnt een eng méi romantesch-iwwerschwenglech wéi fachlech korrekt Beschreibung derzou.


De l'obscurité vers la lumière

Chaque conte contient sa part de vérité, paraît-il.

En prenant le chemin de randonnée qui longe le ruisseau de la Mamer en partant de Schoenfels en direction de Mersch, vous arrivez aux **Mamerleeën, ensemble unique de cavernes qui, selon la légende, héberge des lutins.**

Précisons que tout n'est pas correct dans cette affirmation. Puisqu'il ne s'agit pas de cavernes naturelles, mais d'un réseau de galeries souterraines creusées de main d'homme.

Quant à l'origine et l'utilité de cet impressionnant labyrinthe, les spéculations foisonnent depuis tous les temps. Un des premiers à s'y intéresser de plus près fut Louis-Charlemagne-Joseph Chevalier l'Évêque de la Basse Moûturie, aventurier français qui, s'il n'était ni noble ni ecclésiastique, peut néanmoins être considéré comme un pionnier du tourisme au Luxembourg. Lors d'un de ses voyages dans le pays en 1839, il visita une des cavernes. Dans son livre «Itinéraire du Luxembourg germanique ou Voyage historique et pittoresque dans le Grand-Duché», on peut en trouver une description plus romantique et exaltée que scientifiquement correcte.



Mat grad esou grousser Begeeschterung gougeng e puer Hobbyarcheologe vum Mierscher Syndicat d'Initiative un d'Saach erun. Si hunn an de Joren 1927-1931 d'Galerie fräigeluecht an dobäi wäertvoll Entdeckunge gemaach. Mee och hinne louch éischter eppes un der touristescher Erschließung wéi u wëssenschaftlechen Erkenntnisser.

Ee vun eise groussen Historiker aus dem 19. Joerhonnert, de Jean Engling, ernimmt dogéint **d'Huellee** (hien nennt se Hohlenfels) an Zesammenhang mat engem stengene Sarg aus der Karolingerzäit. Hie geet also vun engem Steebrösch aus, an domat läit e sécher richteg!

D'Gäng vun de *Mamerleeë* sinn esou ugeluecht datt si eng bestëmmte Fielsoder verfollegen, aus där ee Konglomerat, vill méi haart ewéi den normale Lëtzebuurger Sandsteen, ofgebaut gouf.

An den 1960er an 1970er Joren hunn eng Partie Couragéierter sech an de Labyrinth eragewot. Ënnert hinnen de Jean-Marie Sinner, Grënnungsmember vum Lëtzebuurger Groupe spéléologique, dee sech zënterhier a bis haut mam «ënnerierdesche Rätsel vu Schëndels»^{*} auserneeetzt.

Detailräch a voller Begeeschterung erzielt hie vun deem, dat hie bei senge Recherchen erausfonnt huet. Mat der Virsicht vum routinéierter Fuerscher setzt hie virun all Ausso een «et ass méiglech...» oder «et kann een dervun ausgoen...»

Sou kann een also dervun ausgoen, dass d'Steebrösch vun de *Mamerleeë* virun allem Material fir Millesteng geliwwert hunn, déi vu besserer Qualitéit waren a sech manner ofgeschlaff hunn ewéi einfache Sandsteen.

Aus wéi enger Epoch d'Steebrösch stamen, léisst sech nëmme vermudden. Mat zimlecher Sécherheet goufe si am fréie Mëttelalter exploitéiert. Villes deit drop hin, dass d'Réimer schonn hei gegruewen hunn, mee dat ass nach net eendeitig bewisen.

Mat engem gewësse Bedauere stellt de Jean-Marie Sinner fest, dass sech bis elo keng staatlech Instanz méi grëndlech mat de *Mamerleeë* befaasst huet. Vill oppe Froe géife sech, mat deenen néidege finanziellen an technesche Mëttelen, beäntworte loossen, vläicht waart och nach esou munch Iwwerraschung op d'Wëssenschaftler. A ganz sécher gëtt déi eng oder aner Seechen opgedeckt.

Wat d'Wiichtelcher an de *Mamerleeë* betrëfft, ass d'Erklärung einfach a plausibel. An deenen nidderege Galerien hätt ee mëttelgrousse Mënsch vun haut séier de Réck a Fränjelen. Fir hei ze schaffen, war et vu Virdeel, kee Ris ze sinn. Dofir goufen léiwer kleng Leit erugezunn. Wiichtelcher eben.

^{*} J.-M. Sinner: Die *Mamerleeë*, das unterirdische Rätsel von Schöndels in «nos cahiers» 3/4 2013.

L'élan fut tout aussi grand parmi quelques archéologues amateurs du Syndicat d'Initiative de Mersch. Ce sont eux qui, en dégagant les galeries en 1927-1931, ont fait des découvertes précieuses. Mais, tout comme leur prédécesseur, ils se souciaient davantage de l'exploitation touristique que d'études scientifiques.

Par contre, un de nos éminents historiens du XIX^e siècle, Jean Engling, mentionne la **Huellee** (qu'il appelle Hohlenfels – rocher creux) dans le contexte d'un cercueil en pierre de l'époque carolingienne. Il se réfère donc à une carrière, et il aura raison!

Les couloirs des *Mamerleeë* suivent une nervure dans la roche de laquelle on extrayait un conglomerat bien plus dur que l'habituel gré luxembourgeois.

Dans les années 1960 et 1970, quelques courageux s'aventurèrent dans le labyrinthe. Parmi eux, Jean-Marie Sinner, membre fondateur du groupe spéléologique luxembourgeois qui, depuis, s'est voué au «mystère souterrain de Schöndels»^{*}.

Avec enthousiasme et amour du détail, il raconte ce qu'il a découvert lors de ses recherches. Mais, conscience scientifique oblige, il a tendance à commencer ses affirmations par «Il est possible que...» ou «Il est à supposer que...».

Il est donc à supposer que les carrières des *Mamerleeë* ont avant tout fourni la matière première pour fabriquer des meules de moulin de meilleure qualité car plus résistante à l'abrasion que le gré.

Cependant, le doute continue de planer quant à l'âge de ces carrières. Il est assez certain qu'elle furent exploitées au début du Moyen-âge. Selon certains indices, les romains pourraient déjà y avoir creusé, mais cela reste à confirmer.



Jean-Marie Sinner constate avec une légère amertume que les institutions étatiques ne se sont jusqu'à présent pas senties concernées par les *Mamerleeë*. Moyennant aides financières et techniques, on aurait sans doute trouvé des réponses à bien des questions. L'une ou l'autre surprise pourrait attendre les explorateurs, l'une ou l'autre légende trouver son explication.

En ce qui concerne les lutins des *Mamerleeë*, l'explication est pourtant simple. Les plafonds des galeries étaient si bas qu'un homme moderne de taille moyenne se serait vite ruiné le

dos. Pour y travailler, il valait mieux ne pas être un géant. On préférerait donc embaucher des gens de petite taille. Des lutins en quelque sorte.

^{*} J.-M. Sinner: Die *Mamerleeë*, das unterirdische Rätsel von Schöndels in «nos cahiers» 3/4 2013.



Fotoen: d'Georges Kayser Altertumsfuerscher
Text: Marc Angel-Romera

Déi eelst Brauerei vu Lëtzebuerg

«Vun alle Vëlker vu Gallien sinn d'Belgier déi daperst» stellt den Cæsar a sengem «De Bello Gallico» fest. Als Lëtzebuenger si mir do natierlech gäre mat derbäi. Virun allem, wou et an deem selwechte Wierk heescht, d'Treverer, an domat sinn definitiv eis Virfare gemengt, wärend och nach déi beschte Reider.

Iwwert d'Drénkgewunnechte vun dësen dichtege Virfare verléiert den Cæsar net vill Wieder. Wäin oder Béier? Eng Fro vu Kultur an Tradioun: Réimer oder Gallier? Wéi sech dunn nom Cæsar senger Feldzich lues a lues d'*Pax romana* ausgebreit huet, war d'Entscheidung eenditeg: Béides!

Wäi gouf zënter de Réimer op der Musel ugebaut, dat ass bekannt. Wat dogéint déi eelst Brauerei zu Lëtzebuerg ugeet, gëtt et eng Noriicht, déi mer lech net wëlle virenthalen.

Neisten Erkenntnisser no stoung si am Bësch bei Giewel.

Um Site vun der gallo-réimescher villa rustica *Op Miecher* gëtt nach ëmmer fläisseg gegruwen. D'Georges Kayser Altertumsfuerscher bréngen eng wäertvoll Entdeckung no där anerer un d'Dageslicht. Déi fënnef Hektar grouss Anlag besteet aus op d'mannst siwe stengene Gebaier: dräi Wunnebaier mat erstaunlech luxuriéiser Ariichtung,

La plus vieille brasserie du Luxembourg

«De tous les peuples de la Gaule, les Belges sont les plus braves», prétend Jules César dans ses «Commentaires sur la Guerre des Gaules». Évidemment, en tant que Luxembourgeois, nous sommes ravis de nous compter parmi ceux-là. D'autant plus que, dans le même ouvrage, il est dit que les Trévires, décidément considérés comme nos ancêtres, seraient les meilleurs cavaliers.

Quant aux habitudes en matière de boisson de ces braves ancêtres, César ne les jugeait pas dignes d'intérêt. Vin ou bière? C'était une question de culture et de tradition: Romain ou Gaulois? Lorsque, après

la Guerre des Gaules, la *Pax Romana* finit par s'installer, la décision fut claire et nette: les deux!

Nous savons depuis longtemps que les Romains cultivaient du vin sur les rives de la Moselle. Pour ce qui est de l'emplacement de la plus vieille brasserie du Luxembourg, la nouvelle est récente.

Selon les dernières informations, elle se trouvait dans une forêt près de Goebange.

Sur le site de la villa gallo-romaine *Op Miecher*, les fouilles vont bon train. Les infatigables archéologues amateurs d'Georges Kayser



een Hellegtum a Form vun engem Hallefkrees an dräi Wirtschaftsgebaier.

An engem vun dëse Wirtschaftsgebaier ass Béier hiergestallt ginn, dorop deite jiddefalls eng Partie Elementer hin: Biedem mat enger Chape fir d'Lagere vu Fruucht (Weess a Geescht), zwee waasserdicht Basenge fir d'Kéngen an zwou Malzdarren (Virriichtunge fir d'Dréchnen, resp. d'Mälze vun der Fruucht). Och ee Millesteen an e puer Feierplaze goufe fonnt. Sou konnt dat gemuelent Malz erhëtzt an a Béier ëmgewandelt ginn.

Am August 2017 gouf ee Maischbaseng fonnt, dee 5000 Liter konnt faassen. Souvill Béier ass wuel kaum fir den Hausgebrauch produzéiert ginn. Et ass éischter unzehuelen, dass se am vicus vu Mamer-Bartreng hiren Duuscht dermat geläschht hunn.

Dat Aussergewéinlecht un der gallo-réimescher Brauerei zu Giewel ass, dass dee ganze Produktionsprozess hei stattfonnt huet. Dat war deemools net Usus, well de Béier net vill Alkohol hat an dofir séier verduerwen ass. En huet misse kill a loftdicht gelagert ginn, a well de Gärungsprozess net ofgeschloss war, hunn d'Behälter, meeschtens Toungefäasser, missen

drockresistent sinn. Aus deem Grond gouf an esou Anlagen an der Reegel just Malz produzéiert, mat deem op anere Plazen, méi no beim Konsument, fäerdeg gebraut gouf.

Waren déi Mamer Leit déi Zäit deemno, hire gallesche Wuerzele trei, besonnesch begeeschtert Béierdrénker? Loosse mer dat mol am Raum stoen. Kloer ass, dass d'Gedrénks ënnert de Réimer, also de «bessere Leit», nach ëmmer ee zweiwelhafte Ruff hat, dat geet aus diverse Schrëften ervir. Geeschtbéier gouf éischter vun der ënneschter sozialer Schicht gedronk. D'Mëttelschicht hat léiwer dee méi deiere Weessbéier, dee se mat Hunneg geséisst hunn. Mee wien eppes op sech gehalen huet, sech also zur réimescher *upper class* gezielt huet, huet sech fir de Wäin entscheet.

An dobäi dierft et domat och alt erëm net esou wäit hier gewiescht sinn, well e gouf mat Waasser verdënnt.

Alertumsfuerscher continuent de faire découverte sur découverte. L'installation, d'une superficie de cinq hectares, comprend au moins huit bâtiments, dont le dernier vient d'apparaître cet été: trois habitations étonnamment luxueuses, un sanctuaire en forme de demi-cercle et quatre bâtiments d'exploitation.

Un de ces bâtiments d'exploitation était destiné à la production de bière, c'est ce que laissent supposer plusieurs éléments: chapes au sol pour le stockage de céréales (blé ou orge), deux bassins imperméables pour la germination ainsi que deux tourailles (installations pour le séchage du malt). Une meule et plusieurs foyers permettaient de chauffer le malt une fois moulu et de le transformer en bière.

Un bassin recueillant près de 5000 litres de mûche a été découvert en 2017. Une telle quantité de bière n'était sans doute pas uniquement destinée à la consommation privée, mais devait également servir à

étancher la soif des habitants du vicus de Mamer-Bertrange.

La brasserie gallo-romaine de Goebange avait pour particularité d'être équipée pour l'ensemble du processus de production, ce qui n'était pas habituel à l'époque. En effet, à cause de sa faible teneur d'alcool, la durée de conservation de la bière était courte. Il fallait la stocker dans des endroits frais et étanches, dans des récipients solides, car la fermentation n'était pas terminée. Voilà pourquoi la plupart des brasseries se limitaient à la fabrication de malt, le brassage étant accompli plus près du consommateur.

Les habitants du Mamer d'antan, étaient-ils de fervents buveurs de bière, fidèles à leurs racines gauloises? La question reste en suspens. Des écrits d'époque relèvent par contre que le breuvage avait une réputation douteuse parmi la couche supérieure, les Romains en l'occurrence. Le prolétariat buvait de la bière d'orge, alors que la classe moyenne préférait la bière de blé, à laquelle on ajoutait du miel. Pour intégrer la haute société romaine, il fallait opter pour le vin.

Quoiqu'il ne devait pas s'agir d'un grand cru non plus, puisqu'on y mélangeait de l'eau.



Loftopnam vun der Brauerei während den Ausgruewungen
Vue aérienne de la brasserie pendant les fouilles



Gutt erhalent Maischebecken mat engem Faassungsverméige vu 5.000 Liter / Un bassin recueillant près de 5000 litres de mûche



Iwwerreschter vun enger Darre (Anlag fir Liewensmëttel ze dréchnen)
Vestiges d'un Darre (système de séchage des aliments)



Vu Bauhär zu Bauhär

Ee Schlass a säi Schicksal

Zu Käerch geet et virun. Dee Schantjen, dee vun der Strooss aus net z'iwwersinn ass, ass dee vum Gemengenhaus, dat renovéiert a vergréissert gëtt. An de Sëtz vun deenen, déi fréier mol d'Geschécker vum Duerf geleet hunn, réckelt bal onopfälleg an den Hannergrond.

Dobäi kann een den Häre vun deemools sécher keng falsch Bescheidenheet ënnerstellen. Scho guer net dem Godfried II, Här vu Käerch a Bartreng an ieweschte Riichter vun der Grofschaft Lëtzebuerg, deen d'Buerg, esou wéi mer se haut als *Gréiveschlass* kennen, am Joer 1338 baue gelooss huet. Dee véiereckege Wunntuerm, dee mat senge verbliwwenen 10 m Héicht nach ëmmer beandrockt, huet ufangs tëscht 25 an 30 m gemooss.

Dës éischt Versioun vum Bau am romanesche Stil gouf 1481 ënnert dem Schiltz vun Elter am gotesche Stil ëmgebaut. Dee grouse rechteckegen Deel vum Palais geet op déi Zäit zréck. Eng Touche Renaissance

koum derbäi, wéi de Jacques II vu Raville um Enn vum 16. Joerhonnert am Besëtz vun der Buerg war. Hien huet d'Anlag ëm eng Partie representativ Gebailechkeete beräichert: Palais, Trapenhaus, Kapell an zwee Tierm un der Südfassad. Vum deemolege Glanz kritt een eng Iddi duerch deen erhalene Kamäin um éischte Stack vum Kapelltuurm an déi grouss Fënsteren an der Südfassad.

Säin Numm huet d'*Gréiveschlass* dem Baron Lambert-Joseph de Marchant et d'Ansembourg – engem Virfar vum haitege Grof vun Aansebuerg (Säit 20) – ze verdanken. Hie krut 1749 vun der Keeserin Maria-Theresia de Grofentitel. Aus der Härebuerg gouf ee Grofen-, respektiv *Gréiveschlass*! Dat konnt awer net verhënneren, dass d'Anlag am Laf vum 19. Joerhonnert lues a lues zerfall an onbewunnbar ginn ass.

Mee keng Angscht, d'*Gréiveschlass* gëtt net sengem Schicksal iwwerlooss. Och wann d'Aarbechten, zënter dass déi deemoleg Kulturministeresch Octavie Modert 2013 de

Un chantier peut en cacher un autre

Le sort d'un château

À Koerich, on avance à grands pas. Impossible de manquer le chantier au milieu du village! Derrière les travaux de restauration et d'agrandissement de la maison communale, le siège de ceux qui autrefois décidaient du sort de la localité se confond presque discrètement avec la coulisse.


Pourtant, la modestie n'était pas la première qualité des seigneurs d'antan. Parmi eux, Godefroy II, seigneur de Koerich et de Bertrange et juge supérieur du comté de Luxembourg, qui en 1338 fit construire le château que nous connaissons aujourd'hui sous le nom de *Gréiveschlass*. La tour carrée qui continue d'impressionner avec ses actuels 10 m de hauteur en mesurait jadis entre 25 et 30.

Cette première version de l'édifice dans le style roman fut transformée en 1481 dans le style gothique sous Schiltz d'Elter. La grande partie rectangulaire du palais date de sa période. Vers la fin du XVI^e siècle, le propriétaire d'alors, Jacques II de Raville, y

porta une touche de Renaissance en ajoutant plusieurs bâtiments représentatifs, comme le palais, la cage d'escalier, la chapelle et deux tours à la façade Sud. La cheminée conservée au premier étage témoigne de la splendeur du château de cette époque.

Le château de Koerich doit son nom au baron Lambert-Joseph de Marchant et d'Ansembourg – ancêtre de l'actuel Comte d'Ansembourg (page 20) qui, en 1749, se vit attribuer le titre de comte par l'impératrice Marie-Thérèse d'Autriche. Le château seigneurial devint château des comtes – en luxembourgeois anciens: *Gréiveschlass*. Ce qui ne l'empêcha pas de tomber en ruines au cours du XIX^e siècle.

Heureusement, le *Gréiveschlass* n'est pas abandonné à son sort aujourd'hui. Même si, depuis la pose solennelle de la première pierre par Madame Octavie Modert, ministre de la culture en 2013, les travaux semblent tarder – la stabilisation et la restauration ont commencé il y a une douzaine d'années. De nouvelles infrastructures sont prévues. Des sentiers sécurisés le long des



symbolesche Grondstee geluecht huet, op éischte Bléck zimlech lues viruginn – d'Sécherung an d'Restauration hunn ëmmerhi scho virun enger Dose Joren ugefaangen. Nei Infrastrukture sollen entstoën. Sécher Weeër laanscht d'Mauern, mat Rampen, déi bei ee multifunktionelle Pavillon an eng Fräiichtbühn iwwert de Kellere féieren. Zesumme mam Service des sites et monuments nationaux an dem Architekturbüro Fabeck goufen 2012 weider Stabiliséierungsmaossnamen un de verwëlfte Kellere, dem Wunnbau am Buerghaff an der Kapell virgeholl.

2017 gouf déi nördlech Buergmauer stabiliséiert, an d'Uschlëss fir Waasser, Kanal a Stroum goufen ënner archeologescher Opsicht geluecht. D'Fëllementer fir de Pavillon, d'Rampen an d'Trape si sou gutt ewéi ofgeschloss.

Déi *Käercher Schlassfrënn*, déi sech mat Leif a Séil der kultureller Notzung vum Käercher Schlass verschriwwen hunn, sinn optimistes: am Hierscht d'nächst Joer soll déi offiziell Aweigung stattfannen. Geplangt si verschidde Manifestatiounen déi sech iwwer 2 Woche wäerten erstrecken. E speziell entwéckelten Iwwerdaach, dee sech harmonesch an d'Ruin integréiere soll, erlaabt Opféierung bei all Wieder.

Domat kann dat prachtvollt Mëttelalterfest Tempus Mediævale, dat sech tëscht 2004 an 2013 enger ëmmer méi grousser Beléiftheet erfreet huet, vun 2020 un och erëm gefeiert ginn.

Kee Grond zur Suerg deemno: zu Käerch geet et virun!

murs, complétés par des rampes, mèneront vers un pavillon multifonctionnel et un théâtre de verdure situé au-dessus des caves. En collaboration avec le Service des sites et monuments nationaux et le bureau d'architecture Fabeck, d'autres mesures de stabilisation ont été effectuées sur les voûtes des caves, le bâtiment d'habitation dans la cour et la chapelle.

En 2017, on procéda à sécuriser le mur du côté Nord et à installer les raccordements pour l'eau, la canalisation et l'électricité. Les fondations du pavillon, des rampes et des escaliers sont terminées.

Les amis du château de Koerich (*Käercher Schlassfrënn*) se montrent optimistes: l'inauguration officielle est prévue pour l'automne de l'année prochaine. Les festivités dureront deux semaines, de nombreuses manifestations auront lieu. Une

toiture conçue spécialement pour s'intégrer harmonieusement dans la ruine, permettra des spectacles à l'abri des intempéries.

La somptueuse fête médiévale Tempus Mediævale, qui entre 2004 et 2013 se réjouissait d'une popularité croissante, pourra reprendre en 2020.

Vous voyez, il n'y a pas à s'inquiéter: à Koerich, on avance à grands pas!



Foto: Isabelle Bernard,
David Laurent
Text: Marc Angel-Romera

Konschtgeschicht iwwer Land

Histoire de l'art, version campagnarde



Et muss ee kee Mystiker sinn, fir ze spieren: dat hei ass eng Plaz fir ze meditieren, wéi et sou schéin heescht. Woubäi d'Meditiere jo hautzedaags ee Luxus ginn ass, deen der vill vun eis sech net wëlle leeschten. Et ass ee klengen Terrain, souguer fir een Duerf, et kann een also dervun ausgoen, dass d'Bevëlkerung hei net weider gewuess ass, et sief dann, d'Leit hätte sech aner Plaze fir hir lescht Rou erausgesicht.

De Kierfecht vu Simmer läit direkt bei der Kierch, wéi dat fir déi meescht al Kierfechter de Fall ass. D'Griewer si vu propper geschniddene Pällemhecken agegrenzt, Kräizer aus ënnerschiddlechen Epochen entspriechen dem Goût vun hirer Zäit an dem Budget vun hire Besëtzer. De Kräizgank, dee wéi ee Rank ronderëm deem Ganze läit, huet nëmme siwe Statiounen.

Mystique à part, le lieu invite à la méditation, comme on dit de nos jours, alors que la méditation est devenue un luxe auquel la plupart d'entre nous préfère renoncer. Il est de taille modeste, même pour un village, ce qui laisse présumer une faible croissance de la population, à moins que les autochtones aient été chercher ailleurs pour trouver leur dernier repos.

Le cimetière de Septfontaines, avec ses tombes délimitées par des buis soigneusement coupés, ses croix en pierre grise de différents âges, sculptées selon le goût de l'époque et les moyens des propriétaires, est arrangé autour de l'église, comme c'est le cas pour la plupart des cimetières anciens. Le chemin de croix qui forme un anneau autour du site ne comporte que sept stations, alors que depuis le XVII^e siècle leur nombre est fixé à quatorze. Il serait donc plus ancien?

Wann ee weess, dass deenen hir Zuel am 17. Joerhonnert op véierzéng festgeluecht gi war, misst dee Kräizgank deemno méi al sinn. Op de Relieffer uewen op deenen héije Stäiler sinn déi verschidden Zeenen awer erstaunlech lieweg a realistesch duergestallt. Wahrscheinlech d'Wierk vun engem spéidere Kënschtler, dee si op seng Manéier iwwerschaft huet.

D'Historikerin Isabelle Bernard-Lesceux gesäit am Simmer Kierfecht ee Musterbeispill fir de reliéise Patrimoine an der Regioun Lëtzebuerg West. Mee nach laang net dat eenzegt an eiser Regioun! Och wann een hei ëmsooss no de groussen Nimm aus der Konschtgeschicht sicht, brauch ee sech nëmme méi genee ëmzekucken, fir iwwerall, an de Kierchen, de Kapellen, de Kierfechter... Wierker z'entdecken, déi duerch hir naiv Ausdröckskraaft faszinéieren. Dat kënnen Weekräizer sinn, oder och Statuen, Altär an all Zort vu reliéisen Objeten (Monstranz, Kellech, Kruzifix). Si goufe meeschtens vun anonymen Kënschtler geschaf, déi hiert Handwerk am Ausland, dacks am Tirol, geléiert haten.

Ënnert dem Afloss, mat e bësse Verspéidung, vun de groussen Konschtstiler wéi der Romanik oder der Gotik, hu si eng Billerwelt voller folkloristescher an heednescher Symbolik geschaf, déi heiansdo scho konnt an d'Grotesk oder souguer an d'Makabert goen. Dat gëtt ënnert anerem fir eng Partie Hellegestatuen, déi duerch hir Attributer z'erkenne waren. Sou gëtt déi Helleg Bärbel, déi géint de Blëttschlag soll schützen, zesumme mat engem Tuerm duergestallt, well si zu Liefzäite vun hirem Papp doran agespaart gi war. Den Hellege Baartelméis¹ huet ee bluddege Kierper an hält an der Hand dat Messer, mat deem hien d'Haut erfogezu krut.

D'Opträg fir dës Wierker koume vun de ländleche Poren, an déi hu missen all Su dräimol ëmdrëinen. Sou goufe bei deene villen Tréischterins-Statuen an eiser Regioun just d'Jesuskand, a vun der Muttergottes de Kapp an d'Hänn sculptéiert, hire Kierper huet aus engem Poul bestanen, dee mat engem Kleed zougedeckt war. Leider sinn dës originell Konschtwierker no an no verschwonnen a goufen duerch mannerwäerteg Gipsfiguren ersat.

Déi sougenannten *Däiwelsgäisse*² hat dogéint op d'mannst souvill mat Awerglawe wéi mat Relioun ze dinn. Ee grousst Blat mat dräi mol dräi fromme Billercher war sou zesummegefaalt, dass hannert all Bild eng kleng Reliquie verstopt war: e puer Somkären, e Stéck vun engem Zant, e bësse Buedem, op deem iergendeen Hellege soll getréppelt sinn... Sou eng *Däiwelsgäisse* gouf ënnert d'Schwell vum Haus oder der Scheierpaart geluecht, fir d'Awunner oder hiert Vei ze beschützen.

Komme mer zum Schluss nach eemol zrëck op Simmer a kucken eis d'Fassad vun der Kierch un. Hei hänken a reegelméissegen Ofstänn zimlech graff duergestallte stenge Käpp. Et handelt sech fir eemol net eieren ëm d'Portraite vu Schlasshären oder räiche Spender, mee ëm Symboler fir d'Asylrecht. All Mënsch, deen, aus wat fir engem Grund och ëmmer, op der Flucht war, konnt sech an d'Kierch zrëckzéien, do gouf e vu senger Verfolleger a Rou gelooss. Eng Kierch mat mënschlichem Gesicht. Och eppes fir ze meditieren, hautzedaags.



Pourtant, les reliefs figurant sur de hautes stèles représentent des scènes d'un réalisme et d'une intensité étonnants. Sans doute l'œuvre d'un artiste qui les a remaniés à sa façon.



L'historienne Isabelle Bernard-Lesceux considère le cimetière de Septfontaines comme un modèle du patrimoine religieux de la région Lëtzebuerg West. Mais il n'est pas le seul, loin s'en faut! Si l'on cherche en vain des grands noms de l'histoire de l'art, il suffit de regarder de plus près pour découvrir un peu partout, dans les églises, les chapelles, les cimetières... des œuvres d'une expressivité naïve qui exerce une fascination particulière. Elles peuvent avoir la forme de croix de chemin, de statues, d'autels, mais aussi de matériel pour le culte (ostensoir, calice, crucifix). Elles furent réalisées par des artistes pour la plupart anonymes, qui avaient appris leur métier à l'étranger, souvent au Tyrol.

Influencés, toujours avec un peu de retard, par les courants artistiques comme les styles roman ou gothique, ils créèrent une imagerie riche en symboles folkloriques et païens qui pouvait prendre des traits insolites voire macabres. C'est le cas notamment pour certaines statues de Saints, reconnaissables à leurs attributs. Ainsi, Sainte Barbe, qui est invoquée entre autre pour protéger contre la foudre, est accompagnée d'une tour, puisque de son vivant, elle y avait été enfermée par son père. Saint Barthélemy¹ est représenté le corps ensanglanté, tenant le couteau de son martyre et sa peau écorchée.



Comme les commanditaires de ces œuvres, les paroisses de campagne, ne roulaient pas sur l'or, ils cherchaient à économiser où ils pouvaient. Pour les statues de Notre-Dame de Luxembourg, très fréquentes dans la région, on ne sculptait que la figure du petit Jésus ainsi que la tête et les mains de la Vierge, montées sur un simple cône en bois recouvert d'une large robe. Malheureusement, ces créations authentiques disparurent peu à peu pour faire place à des figures en plâtre sans grande valeur.

Objet à caractère religieux à tendance superstitieuse, le *Däiwelsgäisse*² (fouet du diable) est une suite d'images pieuses disposées en ligne de trois fois trois sur une feuille de papier qui était pliée de façon à pouvoir cacher sous chaque image de minuscules reliques: une boucle de cheveux, une dent, un peu de terre qui aurait été foulée par les pieds de tel ou tel Saint... Le *Däiwelsgäisse* était placée sous le seuil de la maison ou à l'entrée de la grange afin de protéger les habitants ou leur bétail.

Pour finir, revenons à Septfontaines pour jeter un regard sur l'église qui, elle aussi, présente une particularité régionale. Sur sa façade sont disposées des têtes sculptées de façon assez grossière. Pour une fois, il ne s'agit pas de portraits de seigneurs ou de riches donateurs, comme on pourrait le croire, mais d'autant de symboles du droit d'asyle. En effet, toute personne poursuivie pour une raison ou pour une autre pouvait trouver refuge à l'intérieur, où elle était à l'abri de ses détracteurs. Une église à visage humain, en quelque sorte. Encore de quoi méditer, de nos jours.



Déi al Maueren hunn erëm d'Wuert

D'Villa Collart freet sech iwwert hir Verjéngungskur

Trei Lieser vun dësem Magasinn erënnere sech vläicht: ech hat lech virun enger Rei Jore vu mengem vergaangene Liewen a meng Suergen iwwert meng Zukunft verzielt. Zënterhier ass nawell vill Waasser d'Äisch erfogelaf. Elo gëtt et endlech Neits, an ech ka mech net beschwéieren!

Ech hat mer deemools ee kleng Lifting gewënscht, well ech mech e bëssche vernoléisseg gefillt hunn. Eng eeler Dame, fir déi kee sech méi interesséiert. An dobäi däerf ech dach mat menger Geschicht eng Grëtz Respekt erwaarden, géif ech mengen! Muss ech drun erënneren, dass ech mäin Numm dem Robert Collart ze verdanken hunn? Hie war Buergermeeschter vu Stengefort vun 1903 bis 1911 a Schmelzdirekter tëscht 1911 bis 1917. Dat war déi grouss Zäit vun der Stengeforter Eisenindustrie. Et ass laang hir, an ech hu misse bis März vun dësem Joer waarden, fir endlech an d'Éier ze kommen, als nationaalt Monument klasséiert ze ginn.

Mee zréck an d'Fréijoer 2011. Meng Zukunft war ongewëss, hat ech lech verroden. Fir ee Moment hat ech souguer gefaart, meng Deeg wäer gezielt. Wat war ech do erlichtert, wéi se mer eng Roll als Jugendhaus an Internetstuff ugebueden hunn! Och wann dat net fir laang sollt sinn, dat war mer bewusst.

Elo, wou eng waarm Hierschtsonn op meng Fassad schéngt, geet ee schudderegt Gefill duerch meng al Maueren. Handwierker ginn an an aus, jiddereen huet senger Aarbecht nach ee leschte Schléff ze verpassen. Ronderëm mech ass gebotzt ginn, de Beton op der Terrass

Les vieux murs reprennent la parole

La Villa Collart se réjouit de sa cure de jouvence

Les habitués de ce magazine se souviendront peut-être: je vous ai parlé, voici quelques années, de ma vie passée et de mes soucis quant à ma destinée. Depuis, bien de l'eau a coulé sous les ponts! À présent, il y a du neuf, et je suis loin de m'en plaindre!

Je réclamais un petit lifting, à l'époque, car je me sentais un peu abandonnée. Une vieille dame à qui personne ne prêtait attention. Alors que mon histoire devrait inspirer un peu de respect, quand même! Faut-il vous rappeler que je dois mon nom à Robert Collart, bourgmestre de Steinfort de 1903 à 1911 et directeur de l'usine sidérurgique entre 1911 et 1917? C'était au temps où la petite localité de Steinfort connut son heure de gloire, grâce à la sidérurgie. Seulement voilà, il fallait attendre mars de cette année pour qu'on m'accorde l'honneur d'être classée monument national.

Mais revenons au début de l'année 2011. Ma destination n'était pas très claire, vous avais-je confié. Pendant un moment, j'avais même peur que mes jours fussent comptés. Quel ne fut pas mon soulagement, lorsqu'on me proposa un rôle de maison de jeunes et d'*Internetstuff*, même si ce ne fut qu'un sursis, j'en étais bien consciente.

Aujourd'hui, alors qu'un doux soleil d'automne dore ma façade, des frémissements parcourent mes vieux murs. Des artisans vont et viennent pour apporter chacun une touche finale à son travail. Mes alentours ont été débroussaillés, le béton de la terrasse et du chemin



Fotoen: Archiv Syndicat d'Initiative Steinfort
Text: Marc Angel-Romera

an am Agankswee dréchent lues. Eng laang Palissad ëmgëtt mäi Grondstéck a schützt mech viru virwëtzege Blécker. 'T ass alt gutt, well ech fille mech zimlech entbléisst! An et kann näischt schueden, wann een d'Saach e bëssche spannend mécht.

Souwisou, dee groussen Dag steet virun der Dier. Da gëtt jiddereen offiziell gewuer, wéi et mat mir weidergeet. Dee Moment, wou Dir dës Zeile liest, ass et scho geschitt. Mee Dir wësst nach net alles!

2014 huet den Architektbüro Bruck + Weckerle de Concours fir meng Restauratioun gewonnen. Ee Budget vun 3,4 Milliounen war virgesinn, an d'Aarbechten hunn zwee Joer méi spéit ugefaangen. Elo war et eriwuer mam Dornréischeschlof.

A well ech nawell gäre meng Geheimnisser sou laang wéi méiglech fir mech behalen, huet déi eng oder aner Iwwerraschung op d'Architekten an d'Handwerker gewaart. Wéi dee Pëtz am Keller, vun deem keen eppes wusst, oder deen zougemauerte Raum, deen op kengem Plang agedroe war. Dee war voll mat Waasser, an ech muss zouginn, dass ech selwer keng Anung hat. Jiddefalls hate se séier eng Verwendung derfir – als Wäikeller.

Zum Gléck si se mat Manéieren a Fangerspëtzegefill un d'Aarbecht gaangen. Keng sou eng gliese Këscht fir de Lift, an och soss keng allze opfälleg Agrëffer. Souguer de Stuck um Plafong hu se propper gefléckt – an dobäi ganz diskret d'Luuchtebellen dra verstoppt.

Ënnena mécht ee Restaurant seng Dieren op. De Syndicat d'Initiative, lokal Veräiner an eng Konschtgalerie kommen op de Stack ënner dag. An de Park mat deenen ale Beem, mengen treie Frënn, déi mech ee Liewe laang begleet hunn, dee gëtt bis d'Fréijoer 2019 an d'Rei gesat.

Mam Alter gëtt ee méi roueg, soen se. Abee, ech kann lech soen, wann ech Been hätt, ech kënnst kaum stëll hale vun Ongedold, fir a menge Maueren een neit Liewen ze spieren, Gäscht z'empfanke, Frënn vun der Konscht oder vum gudde Maufel, a meng Zëmmere Leit zur Verfügung ze stellen, déi sech fir d'Verschönerung vu menger Heemechtsstiedchen asetzen.

Do ass en, dee Lifting, op deen ech sou laang gewaart hat.

**Zum Gléck si se
mat Manéieren a
Fangerspëtzegefill un
d'Aarbecht gaangen...**

d'entrée sèche lentement. Tout ceci se passe à l'abri des curieux, car une longue palissade entoure mon terrain. J'apprécie cette discrétion, qui m'évite qu'on me surprenne les dessous à l'air. Et puis, rien de tel pour attirer l'attention qu'un peu de suspense!

Quoi qu'il en soit, bientôt, c'est le grand jour. Ma nouvelle affectation sera dévoilée officiellement. Au moment où vous lisez ces lignes, ce sera probablement chose faite, mais vous ne savez pas tout.

En 2014, le bureau d'architectes Bruck + Weckerle gagna le concours pour ma restauration. Les travaux, pour un budget de 3,4 millions d'euros, commencèrent deux années plus tard. Fini la vie de Belle au bois dormant...

Fidèle à ma devise de ne révéler mes secrets que peu à peu, je réservai l'une ou l'autre surprise aux architectes et aux corps de métier. Comme ce puits dans le sous-sol, dont tout le monde ignorait l'existence, ou une cave condamnée qui ne figurait sur aucun plan. Elle était remplie d'eau, et j'avoue ne pas en avoir de souvenir. En tout cas, on lui a vite trouvé une nouvelle vocation en la transformant en cave à vin.

Heureusement, on a eu la sensibilité de procéder avec doigté et décence à ma rénovation. Pas de cage en verre pour l'ascenseur, ni autres interventions trop visibles! Même le stuc des plafonds a été réparé avec soin – et astuce, puisqu'on y intégra les câbles pour les luminaires.

Au rez-de-chaussée, un restaurant va ouvrir ses portes. Le Syndicat d'initiative, des associations locales ainsi qu'une galerie d'art occuperont les étages. Quant au parc, avec ses vieux arbres, ces amis majestueux qui m'on tenu compagnie toute ma vie durant, il sera mis en état jusqu'au printemps de l'année prochaine.

L'âge apporte la sagesse, dit-on. En ce qui me concerne, je vous assure que si j'avais des jambes, j'aurais du mal à tenir sur place, tant je suis impatiente de voir renaître entre mes murs une nouvelle vie, d'accueillir des hôtes, amateurs d'art ou de bonne chère, de voir mes pièces occupées par des personnes engagées dans l'embellissement de ma ville natale.

Le voilà enfin, le lifting que j'attendais depuis si longtemps.



Fotoen: Ed Monen, Henri Krier
Text: Marc Angel-Romera



En Haff, eng Famill, eng Idyll

E Besuch um Monenshaff zu Essen

«Den Trafic huet an de leschte Jore ferm zougeholl!» stellt de Jos. Monen nodenklech fest, a seng Fra Margot stëmmt him zou. Mat Trafic menge si allerdéngs kaum dat, wat ee sech als normale Stierflechen zu Lëtzebuerg dorënner virstellt. D'Famill Monen wunnt wäit ewech vun all Hauptstrooss, vu Kaméidi oder Ofgase ka keng rieds goen. Dofir dauscht vun Zäit zu Zäit en Zuch laanscht, an op der Vëlospist passéieren all Dag e puer Fräizäitsportler a Spadséiergänger. Ënnert deenen huet sech erëmgeschwat, wat dat hei fir een heemlechen, friddlechen Eck ass. Dohir den Trafic! Zu Essen, um nördleche Wupp vun der Gemeng Miersch, ticken d'Aueren e bësschen anescht.

De Monenshaff gëtt vun zwou Generatiounen bewunnt. Den Ed, dee mat senger Famill de Bauerebetrib haut dirigéiert, huet sech als lokale Produzent en Numm gemaach. Hien empfänkt ausserdeem Schoulklassen a steet hinne Ried an Äntwert zum Thema Landwirtschaft, an hien huet eng Scheier amenagéiert, fir se als

Ferme, famille, idylle

Une visite à la ferme du Monenshaff à Essingen

«On a de plus en plus de trafic ces derniers temps!» constate Jos. Monen, pensif, et son épouse Margot est bien d'accord. Or, ce qu'ils entendent par trafic ne correspond pas tout à fait à l'idée que s'en fait le commun mortel au Luxembourg. La famille Monen vit à l'écart des axes principaux, loin du bruit et des gaz d'échappement. En revanche, de temps à autre, un train passe, tandis que sur la piste cyclable, deux ou trois promeneurs et quelques sportifs amateurs se croisent. De bouche à oreille, la rumeur s'est répandue que cet endroit paisible vaut bien le détour. À Essingen, à l'extrémité Nord de la commune de Mersch, on ne marche pas au diapason des temps modernes.

La ferme du Monenshaff est habitée par deux générations. Ed, le dirigeant actuel de l'exploitation, s'est forgé une réputation de producteur local. Il accueille régulièrement des classes scolaires et répond aux questions sur l'agriculture. De plus, il a aménagé une de ses granges pour en faire une «granges à fêtes» qu'il loue aux

Mat der Renovatioun war et net gedoen... La restauration n'était qu'un début...

«Festscheier» u Veräiner a Gesellschaften ze verlounen. D'Famill Monen-Frantzen huet sech an enger Annexe niddergelooss, während dem Ed seng Elteren am eigentleche Wunnhaus liewen. Si waren et, déi schonn an den 80er Joren, mat der Ënnerstëtzung an ënnert der Opsicht vum Service des sites et monuments nationaux, grouss Renovatiounsarbechten un hirem Haff virgeholl hunn.

Et ass en imposante Komplex, dee mat sengen harmonesche Proportiounen a sengem authentesch klore Baustil wierkt, wéi wann e fir d'Éiwegkeet geschafe wär: komplett, inklusiv Scheieren a Ställ, aus massivem Stee gebaut, mat Charpenten aus schwéieren Echendunnen, vun enger laanger Frontmuer ofgegrenzt.

«**Mat der Renovatioun war et net gedoen,**» erkläert d'**Margot Monen-Ruckert**. «**Dat muss alles an der Rei gehale ginn!**» Ëm d'Usträchen huet si sech selwer gekëmmert. An dat war virun e puer Joer nach eemol fällig: Fënsteren a Klapplueden ofbeezen a vernéieren, d'Fassad frësch maachen, alles no de Reegele vun der Konscht a mat deem richtege Material.

D'Scheier gouf 1783 gebaut, an et ass unzehuelen, dass déi deemoleg Besëtzer och do gewunnt hunn. Hir Kandskanner hunn, soubal si sech et konnte leeschten, dat houfregt Wunnhaus opgeriicht, iwwert deem senger Aganksdier d'Joreszuel 1874 agemeesselt ass. Zum Haff huet och d'Mille gehéiert, déi déi aner Säit vun der Bunn un der Uelzecht läit. Si gëtt an engem Dokument vun 1824 als *moulin-scierie N. Weynandt* ernimmt an 1866 als *Monnenmühl*, mat als Bedreiwer dem Johann Monen. Zu deem senge Liefzäite gouf d'Millen awer vun der Proprietéit getrennt. Haut gëtt do Stroum produzéiert.

Zënter 1813, wéi ee gewësse Peter Mohnen sech zu Pëtten mam Catherine Thill vun Essen bestuet huet, ass den Numm Monen (deemools huet een et mat der Schreifweis net esou genee geholl) enk mat der Geschicht vun der Uertschaft verbonnen. **Iwwert zwee Joerhonnerte bedeelege Memberen aus der Famill sech an der Gemeng Miersch un der Politik an um Veräinsliewen. Mat vill Léift an Knowhow hu si hiren Haff zu engem Musterbeispill vun der ländlecher Architektur gemaach.**

Duerch den Uelzechtall, laanscht d'Eisebunn tëscht Miersch a Kruuchten féiert, wéi gesot, déi Vëlospist, op där Der lech kënn eng Iddi maachen, wat se zu Essen ënner Trafic verstinn.

associations et sociétés privées. La famille Monen-Frantzen s'est installée dans une annexe, alors que les parents d'Ed occupent la maison d'habitation traditionnelle. Ce sont eux qui, dans les années 1980, ont

entrepris d'importants travaux de restauration, avec le soutien et sous la supervision du Service des sites et monuments nationaux.

Grâce à ses proportions harmonieuses et son architecture authentique et sans fioritures, l'impressionnant complexe paraît bâti pour l'éternité: constructions en pierre massive, charpentes solides en bois de chêne, le tout délimité par un long mur frontal.


«**La restauration n'était qu'un début,**» explique **Margot Monen-Ruckert**. «**Maintenant, il s'agit d'entretenir tout ça!**» C'est elle qui jadis s'est chargée du travail de peinture, exercice qu'il a fallu répéter voici quelques années: décaper et vernir fenêtres et volets, rafraîchir la façade, le tout avec les matériaux adéquats et dans les règles de l'art.

La grange construite en 1783 servait originalement de logement aux propriétaires de l'époque. C'est à leurs descendants plus aisés que l'on doit la fière maison d'habitation actuelle, dont le linteau de la porte d'entrée arbore l'année de construction 1874. Autrefois, le moulin situé de l'autre côté des rails sur la berge de l'Alzette faisait partie de la ferme. Il est mentionné en tant que *moulin-scierie N. Weynandt* sur un document datant de 1824, pour figurer en 1866 sur un autre écrit sous le nom de *Monnenmühl* avec, comme exploitant, Johan Monen. De son vivant cependant, le moulin fut séparé de la ferme. Aujourd'hui, on y produit de l'électricité.

Depuis 1813, lorsqu'un certain Peter Mohnen épousa Catherine Thill d'Essingen à Pettingen, le nom Monen (à l'époque on était moins regardant sur l'orthographe) est étroitement lié à l'histoire de la petite localité. **Au cours des deux siècles passés, les membres de la famille prenaient part à la vie politique et sociale de la commune de Mersch. Avec enthousiasme et savoir-faire, ils ont réussi à faire de leur domicile un joyau de l'architecture rurale.**

Si l'envie vous prenait de savoir ce que l'on entend par trafic à Essingen, dans la Vallée de l'Alzette entre Mersch et Cruchten, il suffit de suivre la piste cyclable qui longe la ligne ferroviaire.





D'Liewen um Schlass – Dram a Wierklechkeet

Le *feeling* de la vie au château

Ee Gespréich mam aktuelle Grof vun Ansebuerg

De Privatwee, deen ech grad ageschloen hunn, schéngt keen Enn ze kréien. Sécher sinn ech net onbemierkt ënnerwee: Schëlter, déi un de Beem hänken, weisen op Video-Iwwerwaachung hin. Schliisslech stinn ech virun enger Paart, déi majestéitesch lues opgeet an de Bléck fräigëtt op ee klengen Universum, ofgeschnidde vum Rescht vun der Welt, deen an der frëscher Moiesonn glënnert.

Ech hu knapps Zäit fir déi formidabel Vue op den Äischdall zu menger Rietser ze genéissen, wéi den Haushär mat engem frëndleche Laachen op mech zoukënnert. «Wëllkomm um Ansebuenger Schlass!»

'T ass net z'iwwersinn, dass hie weess, wéi ee Gäscht empfänkt: zesumme mat senger Fra dirigéiert de Grof Gaston-Gaëtan de Marchant et d'Ansembourg den Hotel Temps d'Or, deen an enger Dependance vum «Ale Schlass» ënnerbruecht ass. No enger kuerzer Begréissung ass d'Äis séier gebrach, an d'Gespréich kënnert wéi vum selwer un d'Rullen.



Un entretien avec l'actuel Comted'Ansembourg

Le chemin privé que je viens d'emprunter me semble interminable. Mon arrivée n'est sans doute pas passée inaperçue. Des panneaux accrochés aux arbres signalent que le site est sous vidéosurveillance. Finalement, j'arrive à un portail qui s'ouvre, avec une lenteur majestueuse, sur un petit univers coupé du monde extérieur, baignant dans un soleil qui n'a pas encore chassé l'agréable fraîcheur matinale.

J'ai à peine le temps d'admirer la vue époustouflante sur la Vallée de l'Eisch qui s'étend à ma droite, que le maître des lieux vient à ma rencontre en arborant un grand sourire. «Bienvenue au Château d'Ansembourg!»

À l'évidence, il est expert dans l'art de bien accueillir: avec son épouse, le comte Gaston-Gaëtan de Marchant et d'Ansembourg dirige l'hôtel Temps d'Or, installé dans une dépendance du «Vieux Château». Au bout d'une brève introduction, la glace est vite brisée, l'entretien s'engage allègrement.



Fotoen: Gaston-Gaëtan de Marchant et d'Ansembourg
Text: Marc Angel-Romera

R.M.: **An der Reegel besichen d'Leit Plaze wéi déi heite wéinst hirem Zauber, dem Otem vun der Geschicht, deen hei ze spieren ass. Duerno gi se rëm heem. Dir verbréngt Ären Alldag op engem Schlass, Här Grof, mee wann Der an d'Vakanz gitt, wat fir Plaze sicht Dir lech dann eraus?**

G.A.: Ech géif soen, wéi déi meescht Leit, sichen ech de Géigendeel vun deem, wat ech heiheem hunn. A mengem Fall ass dat eppes Modernes, eventuell mat enger Schwemm, där hunn ech hei nämlech keng. Allerdéngs si mer och an der Vakanz Rou a Gemittlechkeet wichteg. Ech sinn un déi agreabel Atmosphär esou gewinnt, dass ech net wëll drop verzichten.

Är Famill ass zënter ville Generatiounen am Besëtz vum Alen Aansebuenger Schlass. Ass et fir lech perséinlech eng fräiwëlleg Entscheidung oder eng Verflüchtung, hei ze wunnen ?

Béides! Natierlech hunn ech selwer decidéiert, mech hei anzeriichten. Mee ëmmerhi gehéiert d'Uwiese menger Famill zënter 1650, an ech si mengem Papp et op eng Manéier schëlleg, déi Renovatiounsaarbecht, där hie sech säi Liewe laang verschriwwen hat, weiderzeféieren.

Dir an Äre Elteren hutt dëse wäertvolle Patrimoine restauréiert. Wouran huet Äre Aufgab als Bauhär bestanen?

D'Schlass an d'Rei ze setze war d'Liewenswierk vun op mannst zwou Generatiounen. Mäi Papp, deen 2006 gestuerwen ass, hat sech ëm de Réibau gekëmmert: Maueren erëm opbauen, baufälleg Deeler flécken, Tunnelle fir d'Elektrescht an d'Kanalisation gruewen... Elo ass et u mir, dat weiderzeféiere wat hien ugefaangen huet. Ënnert anerem hunn ech aus enger Dependance en Hotel gemaach. Dat huet missen enger ganzer Partie Qualitéits- a Sécherheetskritären entsprechen, awer och den Uspréich vu menge Gäscht.

Wourop hutt Der misse bei deenen Aarbechten oppassen? Wat louch lech eventuell besonnesch um Häerzen?

Déi strukturell Verännerunge si wéi gesot vu viru menger Zäit. Elo geet et drëm, un den Detailler ze schaffen a se ervirzesträichen, fir Leit, déi dat ze schätze wëssen. Wéi d'Aarbecht ugaangen ass, ass eng Dier opgaangen, dohannert gëtt et weider Dieren. Dat ass alles ee «Work in Progress», deen nach laang net ofgeschloss ass. Do gëtt et sou ee witzeg Sproch, deen een heiansdo op der Menüskaart vu Restaurante fënnt: «Muer ass alles gratis»; wann Der deen Dag drop hannescht gitt, huet d'Kaart net geännert, an et steet nach ëmmer dat selwecht drop...

M.R.: **En général, les gens aiment visiter des lieux comme celui-ci pour en apprécier la féerie, pour sentir le souffle de l'histoire. Ensuite, ils rentrent chez eux. Vous, Monsieur le Comte, qui y passez votre vie quotidienne, quel genre d'endroits choisissez-vous pour vos vacances?**

C. d'A.: Je dirais que, comme la plupart des gens, je cherche l'opposé de ce que j'ai chez moi. Dans mon cas, c'est donc quelque chose de plus moderne, avec une piscine peut-être, comme je n'en ai pas ici. Par contre, en voyageant, je continue de préférer le calme et la sérénité. Je suis tellement habitué à cette atmosphère agréable que je n'aimerais pas y renoncer.

Votre famille est propriétaire du Vieux château d'Ansembourg depuis de nombreuses générations. Pour vous personnellement, habiter ce lieu, est-ce un choix ou une obligation?

Les deux! Bien sûr, c'était ma décision de m'installer ici. En même temps, comme ma famille est en possession du domaine depuis 1650, je ressens comme une obligation morale de poursuivre le travail de mon père, qui s'était voué corps et âme à la remise en état du site.

Vous et vos parents, vous avez entrepris de restaurer le complexe. En tant que maîtres d'ouvrage, en quoi consistait votre travail? Etait-ce plutôt une contrainte ou une expérience agréable de mettre en valeur ce patrimoine?

La remise en état du château est le travail, non seulement d'une, mais d'au moins deux vies. Mon père, défunt en 2006, s'était chargé des gros-œuvres: reconstruire des murs, consolider les parties vétustes, creuser des tunnels pour l'électricité et la canalisation... Quant à moi, je finalise ce qu'il a commencé. Entre autre, j'ai transformé une dépendance en hôtel. Il fallait donc que cela corresponde aux critères de qualité et de sécurité ainsi qu'aux attentes de mes hôtes.

A quoi fallait-il faire attention lors des travaux? Quels aspects vous tenaient éventuellement à cœur?

Comme les changements dans la structure ont été effectués avant mon temps, il s'agit à présent de mettre en valeur certains détails et d'en faire profiter ceux qui savent apprécier. Dès le début des travaux de restauration, une porte s'est ouverte, mais elle s'est ouverte sur d'autres portes. Il s'agit d'un «work in progress», et il est loin d'être fini. C'est un peu comme la blague que l'on trouve sur les cartes de menu de certains restaurants, où l'on peut lire: «Demain, tout sera gratuit»; or le lendemain, comme la carte n'a pas changé, vous y trouverez la même phrase.



Mee am Eescht: Ech maachen dat och zu Éiere vu menge Virfaren. Si ware Schmelzhären, zur Zäit wou am Äischdall nach Eise gewonne gouf. Da muss ee wëssen, dass d'Nazie meng Grousselteren a Schlesien deportéiert haten an dat hei alles fir hir Zwecker benotzt hunn. Wéi si fort waren, ass alles an e Koup gefall.

Iwwregens huet meng Famill eng Partie Buergen zu Lëtzebuerg besiesst, ënnert anerem déi vun Useldeng, fir an der Géigend ze bleiwen. Si waren et och, déi dat Grousst Ansebuenger Schlass do ënnen am Dall opgeriicht hunn.

Kann een dëse Site besichtegen? Gëtt et vläicht Féierungen? Wa jo, wou gëtt ee méi doriwwer gewuer?

Neen, dëst ass ee privat Grondstéck. Déi Leit, déi sech heihin zrëckzéien, komme wéinst der Rou an der Intimitéit. Dat kënnen alt emol bekannt Perséinlechkeete sinn. Viru Kuerzem hu mer d'Emma Watson hei empfaangen. Dir kënnt lech virstellen, dass si net onbedéngt bei eis koum, fir Fans oder d'Press unzetreffen. Dovunner ofgesinn, halen d'Präisser vun eisen Zëmmere sech eigentlech a Grenzen, soudass och Leit aus der Regioun alt emol eng oder zwou Nuechte am Hotel verbréngen, fir de «Feeling» vum Schlassliewe kennenzelieren.

Eng lescht Fro, Här Grof: gleeft Dir u Gespenster?

An engem gewëssen Sënn, jo! Et heescht, déi al Steng géifen d'Geschicht ootmen, an dat stëmmt. Mir begéinen op Schrëtt an Trëtt de «Gespenster» vun der Vergaangenheet. Dat verhënnert awer net, dass ech ee Mënsch vun haut sinn, an och wa mäi Stammam bis an d'14. Joerhonnert reecht, wëllt ech net a menge Virfaren hiner Haut stiechen.

Keng Besichtigung, hate mer gesot? Fir d'Geleeënheet mécht de Grof eng Ausnam. Mir klammen déi al hëlzen Trap am Hotel erop – si ass am Originalzoustand, bis op eng Virrichtung, fir d'Trappleker méi breet ze maachen. Op Zéiwespëtze geet et duerch ee Gank mat Wänn voller aler Fotoen a Gravuren. Näischt Aussergewéinlech, wäert Dir denken. Just dass dat keng einfach Dekoratiounsstécker sinn, mee echt Familljefotoen an Illustratiounen, déi jiddwer eenzel hir Geschicht z'erzielen hunn. A spéitstens, wéi mer

Mais, plaisanterie à part, c'est aussi l'histoire de ma famille que j'aimerais honorer. Mes ancêtres étaient dans la sidérurgie, qui à l'époque florissait dans la Vallée de l'Eisch.

Il faut savoir que pendant la guerre, les nazis avaient déporté mes grands-parents en Silésie et occupaient le site sur lequel nous nous trouvons. À leur départ, tout est tombé en ruine.

D'ailleurs, ma famille possédait de nombreux fiefs au Luxembourg, dont notamment celui d'Useldange pour rester dans la contrée. Ils ont également construit le Grand château d'Ansembourg en bas.

Peut-on visiter le site sans y être invité? Y a-t-il éventuellement des visites guidées? Si oui, où peut-on s'informer?

Non, c'est un domaine privé. Les gens qui viennent se retirer ici recherchent le calme du lieu et tiennent à une certaine intimité. Il s'agit parfois de personnalités connues. Par exemple, nous avons pu accueillir récemment l'actrice Emma Watson. Vous imaginez que si elle avait voulu rencontrer des fans ou la presse, elle ne serait pas venue chez nous. Ceci dit, les prix de nos chambres ne sont pas si élevés, et nous avons parfois des gens de la région qui viennent pour une ou deux nuits, afin de profiter du «feeling» de l'endroit.

Une dernière question, Monsieur le Comte: croyez-vous aux fantômes?

En quelque sorte, oui. On dit que les vieilles pierres respirent le passé, et je peux le confirmer. On est constamment confronté aux «fantômes» de l'histoire. Ce qui ne m'empêche pas d'affirmer que je suis bien un homme du présent, et même si la généalogie de ma famille remonte au 14^e siècle, je n'aimerais pas être à la place de mes ancêtres.

Pas de visite guidée, disions-nous? Pour l'occasion, le comte décide de faire une entorse à ses principes. Nous montons le vieil escalier en bois de l'hôtel – original, à part une astuce pour élargir les marches. En toute discrétion, nous parcourons un corridor dont les murs sont jonchés de photos et de gravures anciennes. Jusqu'ici, rien de surprenant, remarquerez-vous. Sauf qu'il ne s'agit pas de quelconques





eng onbewunnte Suite betrieben, ass kloer: hei gouf näischt dem Zoufall iwwerlooss, vum selwer entworfene Porte-clé bis bei d’Miwwelen, déi mat Goût a vill Léift zum Detail erausgesicht sinn a fir ee gedigene Charme suergen.

D’Gemaier rondrëm dat mëttelalterlecht Schlass, zur Zäit nach am Ruinen-Zoustand, waarden drop, hirsäits an d’Rei gesat ze ginn. Si sinn esou anenee verschachtelt, dass een, soubal een duerch déi streng geséichert al Paart trëtt, dat Gefill kritt, an all deene Säill a Bannenhäff géif sech nach muncht Geheimnis verstoppen.

De Besëtzer gesäit dat net esou romantesch. Hie këmmert sech selwer ëm déi meescht handwierklech Aarbechten an huet dofir éischer déi praktesch Aspekter am Aa, wéi d’Opriichte vun agefalene Maueren, den Ënnerhalt vun de maanshéijen Tunnellen, déi sâi Papp gegruewen hat oder deen éiwege Kampf géint d’Wantergréng, dësem zéie Feind vun all alem Gebai.

Dem Grof seng Erklärunge ginn duerch een deierlecht Miauen ënnerbrach. « Oh mei! Hoffentlech muss ech elo net erëm erfoklotere fir se ze sichen! » Zum Gléck schéngt d’Kaz hire Wee fonnt ze hunn, well wann een iwwert d’Mauer erfokuckt, kann ee sech virstellen, dass dat Erfoklotere kee Spadséiergank gi wär. Wann et am Tourismusprospekt heescht, dat Aalt Ansebuenger Schlass séiz wéi een Adlernascht um Fiels, dann ass dat kaum iwwerdrifwen.

.....

Umierkungen:

Dat « Aalt Ansebuenger Schlass » staamt aus dem 12. Joerhonnert a gouf an der Mëtt vum 16. Joerhonnert, wéi et am Besëtzt vun der Famill Raville-Ansemboureg war, staark ëmgebaut. 1650 huet Famill Bidart et Marchant d’Ansembourg d’Uwiesen opkaaft. Zënter 2010 steet d’Gebai als nationaalt Monument op der Lëscht vun de klasséierte Monumenter.

Ee vun de Virfare vum aktuelle Grof, den Thomas Bidart, huet 1639 och dat « Grousst Schlass » ënnen am Dall, dat haut der spiritueller Organisatioun Sûkyô Mahikar gehéiert, baue gelooss.

éléments décoratifs, mais de photos de famille et d’illustrations d’époque qui ont chacune leur propre histoire à raconter! La visite d’une suite non occupée confirme que rien ici n’a été laissé au hasard: du porte-clé créé par le comte lui-même, aux meubles et installations choisis avec goût, évidemment, mais surtout avec un amour du détail qui en fait tout le charme.

Quant au poutour du château médiéval, actuellement en état de ruine, mais qui attend d’être restauré à leur tour, il se découvre selon le principe des poupées russes. Une fois franchi l’antique porte d’entrée solidement sécurisée, on pénètre dans une suite de salles et de cours qu’on devine contenir bien des secrets.

Le propriétaire voit cela d’un œil moins romantique. Lui qui réalise la plupart des interventions artisanales de ses propres mains, se soucie plutôt de choses pratiques, comme la reconstruction de murs écroulés, l’entretien de la tuyauterie qui passe par des tunnels de hauteur d’homme creusés par son père, ou encore la sempiternelle lutte contre le lierre, ennemi assidu de tout bâtiment ancien.

Un petit miaulement interrompt les explications du comte. « Zut! J’espère que je ne vais pas encore devoir descendre le chercher! » Heureusement, le chat aura trouvé son chemin tout seul, car un regard par-dessus l’enceinte fait deviner que la descente pourrait s’avérer aventureuse. La phrase qu’on peut lire dans les prospectus touristiques, le Vieux Château d’Ansembourg est construit tel un nid d’aigle surplombant la falaise, n’est pas une exagération.

.....

Remarques:

Construit au XII^e siècle, le « Vieux Château d’Ansembourg » subit d’importantes modifications à la moitié du XVI^e siècle, lorsqu’il appartenait à la famille de Raville-Ansembourg. En 1650, la famille Bidart et Marchant d’Ansembourg acquit le domaine. Depuis 2010, le bâtiment figure sur la liste des monuments classés en tant que monument national.

C’est un membre de la famille de l’actuel comte, Thomas Bidart, qui fit également construire, en 1639, le « Grand Château » situé dans la vallée, aujourd’hui propriété de l’organisation spirituelle Sûkyô Mahikari.



LEADER Projets

Fotoen: Lisa Jacqué, Ralph Arens, Energie Park Réiden, Lex Kleren
Text: Sarah Mathieu, Michèle Risch

ARmob – Antike Realität mobil erleben

Den 3. September ass zu Duelem den transnationale Projet «ARmob – Antike Realität mobil erleben presentéiert ginn».

Dräi lëtzebuergesch a sechs däitsch LEADER Regiounen hu sech zesumme gedoe fir déi historesch Bauwierker, déi nët méi oder nëmmen deelweis erhale sinn, nees siichtbar ze maachen.

100 vun esou Zäitzeien – vun der Jongsteenzäit iwwert Kelten a Réimer bis bei d'Mëttelalter – sollen nees virtuell opgeriicht ginn. Eng APP soll Awunner an Touristen et erméiglechen, eng reell 3D Rekonstruktioun op der Original-Plaz ze erliewen.

ARmob – vivre la réalité antique de façon mobile

Le 3 septembre, le projet transnational «ARmob – vivre la réalité antique de façon mobile» fut présenté à Dalheim.

Trois régions LEADER luxembourgeoises et six allemandes se sont alliées pour rendre à nouveau visibles des constructions historiques disparues ou partiellement conservées.

Une centaine de ces témoins des époques néolithique, celtique et romaine ainsi que médiévale seront ressuscités virtuellement. Une appli permettra aux habitants et aux touristes d'admirer une reconstitution en 3D sur les sites originaux.



KlimBera – Visitt vun de Gebaier

Am Kader vun eisem Projet KlimBera hunn eis Klimaberoder aus der Regioun decidéiert, eng regional Solaranlag z'installéieren.

Am Moment mécht den Energiepark vu Réiden eng Etüd vun de Gemengegebaier, fir z'analyséieren ob esou eng Solaranlag iwwerhaapt méiglech ass.

KlimBera – Visite des bâtiments

Dans le cadre de notre Projet KlimBera, nos conseillers climat régionaux ont décidé de mettre en place une installation solaire.

En ce moment, l'Energiepark de Redange est en train d'effectuer une étude des bâtiments communaux afin de vérifier si un tel projet est réalisable.



Fro de Bauer – interterritoriale Projet

Den 3. September krute mir vum Landwirtschaftsministère gréng Luucht fir de Projet «Fro de Bauer».

D'Lisa Jacqué ass fir 2 Joer age stellt gi mat der Missioun, Workshope fir de Cycle 4 vun der Grondschoul auszeschaffen, déi sech mat folgenden Themen befaassen:

- landwirtschaftlech Produktiounssystemer
- Zucht vun den Déieren (Mëlch a Fleeschproduktioun)
- Respekt virun de Liewensmëttel
- Verantwortungsbewusst Verhale vis-à-vis vun de Medien opbauen

D'Zil vun dësem Projet ass et, déi Jonk iwwert déi verschidden Themen z'informéieren, ze sensibiliséieren an hinnen hir Responsabilitéit bewosst ze maachen.

Dëse Projet fënnt um Territoire vun LEADER Éislek, Mëllerdall a Lëtzebuerg West statt.



Demande à l'agriculteur – projet interterritorial

Le 3 septembre, le ministère de l'Agriculture nous a donné son feu vert pour le projet «Demande à l'agriculteur».

Employée pour une durée de 2 ans, Lisa Jacqué sera chargée d'organiser pour le cycle 4 de l'école fondamentale des ateliers qui abordent les sujets suivants:

- systèmes de production agricoles
- élevage d'animaux (lait et production de viande)
- respect des aliments
- développer un comportement responsable face aux médias



Le projet a pour objectif d'informer et de sensibiliser les jeunes et de leur faire prendre leurs responsabilités.

Le projet a lieu sur les territoires LEADER Éislek, Mëllerdall et Lëtzebuerg West.

Lisa Jacqué

Dëst an dat / En bref

Fotoen: Henri Krier, Liz Hacken
Text: Sarah Mathieu

Comité an Executivcomité

Säit de Gemengewahlen am Oktober 2017 ginn et puer Ännerungen bei eisen Déléguéeën. Mir profitéieren dovunner fir lech eis Memberen vun der Lokaler Aktionsgrupp wéi vum Exekutivcomité virzestellen.

Comité et comité exécutif

Depuis les élections en octobre 2017, il y a eu des changements au niveau des délégués communaux au sein de notre Groupe d'Action Locale. Nous en profitons de vous présenter nos membres du comité délibérant et exécutif.



Christiane Eicher-Karier
Präsidentin
Gemeng Heiperknapp



Karin Kremer
Vizepräsidentin
Mierscher Kulturhaus



Manou Decker
Vizepräsident
Gemeng Habscht/Simmer



Maggy Turpel-Backes
Financier
Aischdalbiker



Ed Buchette
Member
Gemeng Mamer



Fernand Hoffmann
Member
SIT Miersch



Henri Krier
Member
Gemeng Miersch

Nationale LEADER-Dag

De Minister Fernand Etgen hat, zesumme mat de 5 LEADER-Gruppen, de 14. Juli op den nationale LEADER-Dag 2018 op Buerschent am Éislek invitéiert.

Dës Geleeënheet ass genotzt gi fir all de LEADER Partner Merci ze soe fir hiert Engagement!

Um Programm stoung eng Wanderung, als Alternativ dozou ass eng Visite guidée vum Buerschenter Schlass proposéiert ginn. Uschléissend gouf zesummen zu Mëtteg giess.

Journée nationale LEADER

Le 14 juillet, le ministre Fernand Etgen, soutenu par les cinq groupes LEADER, avait invité à la Journée nationale LEADER à Bourscheid dans l'Oesling.

Il a profité de l'occasion pour remercier tous les partenaires LEADER pour leur engagement. Au programme figurait une randonnée, en alternative, on proposa une visite guidée du château de Bourscheid. Le tout se clôtura par un déjeuner convivial.



Studiërees - Éisträich

Vum 11. bis de 14. September sinn d'LEADER Gestionnairen aus Lëtzebuerg an Däitschland mam Ministère zesummen op eng Studiërees an Éisträich gefuer.

Während deene puer Deeg konnten si sech vu ville flotte LEADER Projet'en inspiréiere loossen a während deem sech och nach mat de Projetträger austauschen.

Voyages d'études - Autriche

Du 11 au 14 septembre les gestionnaires LEADER luxembourgeois et allemands ont participé à un voyage d'études en Autriche.

Pendant ces quelques jours, ils pouvaient visiter de nombreux projets LEADER et puis, au cours de ce processus, s'échanger avec les porteurs de projet.



Landakademie um Eeneltermaart

De 16. September war d'Landakademie, ënnerstëtzt duerch de LEADER Büro, mat engem Stand um Eeneltermaart zu Recken bei Miersch.

Zënter dem leschte Joer huet d'Landakademie d'Konzept vum Léierfest iwwerduecht an ass elo all Joer mat engem 'klenge Léierfest' op véier bestoende Fester present. D'Zil ass et, den Ubidder vu Kueren d'Méiglechkeet ze ginn, sech beim Publikum méi siichtbar ze maachen.

La Landakademie au Marché de l'Eenelter

Assisté par le bureau LEADER, la Landakademie participa avec un stand au Marché de l'Eenelter, le 16 septembre à Reckingen près de Mersch.

Depuis l'année passée, la Landakademie a revu son concept de la fête de l'apprentissage pour être présente sur quatre manifestations existantes par an avec une « petite fête de l'apprentissage ». Ceci permettra aux organisateurs de cours d'être plus visibles auprès du public.



Regionale LEADERdag

Den 22. September huet déi 3. Editioun vun eisem regionale LEADERdag an der Gemeng Miersch stattfonnt. Eis Partner kruten en Iwwerbléck vun all de Projet'en déi während deene leschten 10 Joer zu Miersch am Kader vum LEADERprogramm ëmgësat goufen.

Le 22 septembre a eu lieu la 3^e édition de la journée régionale LEADER à Mersch. Nos partenaires ont eu un aperçu de tous les projets LEADER qui ont été réalisés sur le territoire de la commune de Mersch pendant les dix dernières années.

Agenda

Datum / Date	Veranstaltung / Événement	Uert / Lieu	Weider Infoen Plus d'informations
November / Novembre			
06.11.2018 - 06.12.2018	Endlech Fridden? Ausstellung vun de Mierscher Geschichtsfrënn	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
08.11.2018	De Pierchen an de Wollef Traffik Theater, Orchestre Estro Armonico Luxembourg	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
08.11.2018	Guy Helminger liest Gespräch mit dem Literaturkritiker M. Braun	Servaishaus, Mersch	www.cnl.public.lu
14.-24.11.2018	Kabaret Sténkdéier Tabula Rasa	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
15.11.2018	Lenz	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
16.11.2018	Mamer Maart	Parking Kinneksbond	www.mamer.lu
18.11.2018	Herzlichter Concert	Centre Roudemer Steinfort	www.steinfort.lu
21.11.2018	Literaturzirkel Bücher im Gespräch	Mierscher Lieshaus	www.mierscher-lieshaus.lu
21.11.2018	Lecture et présentation: Wootleche Krich (J. Hoscheit)	Servaishaus, Mersch	www.cnl.public.lu
23.11.2018	Konschtexpo "Peintures et Sculptures"	Galerie vun der Cap	Frënn vun den Caper Piwitschen
23.-24.11.2018	Chrëschtmaart	Ligue HMC, Capellen	www.ligue-hmc.lu
24.11.2018	5. Freelander's Trail Mersch-Hollenfels	Centre aquatique Krouneberg, Mersch	www.x3m.lu
24-25.11.2018	Theater De Rido 85	Al Schmelz, Steinfort	www.steinfort.lu
25.11.2018	Glühschwéngchen Theaterkollektiv Independent Little Lies	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
25.11.2018	Bichermaart fir Kanner	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
28.11.2018	Sieben Danzspektakel vum Jil Crovisier	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
28.11.2018	Endlech Alaska	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
30.11.2018	Adventsmaart	Bieschbecher Atelier	www.flb.lu
30.11-01.12.2018	Theater De Rido 85	Al Schmelz, Steinfort	www.steinfort.lu
Dezember / Décembre			
01.+02.12.2018	Mierscher Chrëschtmaart	Méchelsplaz, Mersch	www.mersch.lu
02.12.2018	Concert Cojellicosjangen	Salle des fêtes, Holzem	www.mamer.lu
02.12.2018	Cyclocross	Lycée Josy Barthel, Mamer	VC Mamerdall
04.12.2018	Olaf der Elch und der einäugige Weihnachtsmann Figurentheater Zitadelle	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
07.12.2018	Mamer Maart	Parking Kinneksbond	www.mamer.lu
07.12.2018-06.01.2019	Äispist	Château, Mamer	www.mamer.lu
07.-09.12.2018	Stengeforter Chrëschtmaart	Steinfort	www.steinfort.lu
14.-16.12.2018	Stengeforter Chrëschtmaart	Steinfort	www.steinfort.lu
08.12.2018	Casse-Noisette Ballet de l'Opéra-Théâtre de Metz Métropole	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
09.12.2018	Concert de l'Avent	Eglise de Mamer	Chorale Sainte-Cécile Mamer
13.12.2018	Vernissage vun der Fotosausstellung „De Silo“ Morris Kemp, Luca Loreti, Toma Santostasi	Kulturhaus, Mersch	ww.kulturhaus.lu
15.12.2018	Wien bleibt Wien Habsburg Strauss Orchester	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
15-16.12.2018	Chrëschtmaart zu Mamer	Château, Mamer	www.mamer.lu
15-16.12.2018	Bricher Chrëschtmaart	Église, Brouch	www.helperknapp.lu
16.12.2018	Apéro Tours	Château, Koerich	www.asivema.lu
16.12.2018	Déi besch Manéier, aus der Landschaft ze verschwannen Geschichte vum Guy Rewenig	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
19.12.2018	Concert vun der Big Bad vun der Militärmusek & Dirigentewiessel	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
21.12.2018	Mamer Maart	Parking Kinneksbond	www.mamer.lu
30.12.2018	Wantermarche	Hal Irbicht, Beringen	www.5xberingen.lu
31.12.2018	Gala de la Sainte-Sylvestre	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
Januar / Janvier			
13.01.2019	Concert vun der Militärmusek	Centre Roudemer, Steinfort	www.steinfort.lu
24.01.2019	D'Maus Kätti Toile Si-Re	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
25.01.2018	Aïda Giuseppe Verdi	Mamer Kinneksbond	www.kinneksbond.lu
26-27.01.2019	Theater Grand-Ducal	Al Schmelz, Steinfort	www.steinfort.lu
31.01.2019	Werther! J.W. von Goethe/ Philipp Hochmaier	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
Februar / Février			
03.02.2019	Planet Percussion Volume 2 Sven Kiefer, Yves Popow	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
03.02.2019	Théâtre Grand-Ducal	Al Schmelz, Steinfort	www.steinfort.lu
08.02.2019	Theater „Endlech Alaska“	Al Schmelz, Steinfort	www.steinfort.lu
28.02.-03.03.2019	The Seagull New World Theatre Club	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
Mäerz / Mars			
02.03.2019	Don Juan Ballet de l'Opéra-Théâtre de Metz Métropole	Mamer Kinneksbond	www.kinneksbond.lu
13.03.2019	Wou ginn Elteren nuets hin? E Lauschterstéck baséiert op engem Text vum Claudine Muno	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
16.03.2019	Buffalo C. Wayne's Comeback featuring Mary Ann Scot Dixie Rock Tour	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
30.03.2019	Rencontres musicales	Chorale Sainte-Cécile, Mamer	www.kinneksbond.lu
Abrëll / Avril			
05.04.2019	Das zweite ich	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu

LEADER
Lëtzebuerg West

Garnich
Habscht (partie Septfontaines)
Helperknapp
Koerich
Mamer
Mersch
Steinfort



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs



MIXTE
Papier Issu de
sources responsables
FSC® C103749



Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung
des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete

